



Sandweiler, den 28 November 2023

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir t'Gemengerotssëtzung vum 26.10.2022
eis/ref. : CSV - 2023.10.22 - CE
är/ref. : Demande du 22.10.2023

Dir Dammen, Dir Hären,

Heimadden schécken mir lech t'Äntwerten op är Froen déi dir un de Schäfferot hat, an der Gemengenrotssëtzung vum 26 Oktober 2023.

Fro 1:

Um Donneschde 5. Oktober huet déi éischt Biergerstonn stattfonnt. Wéi vill Bierger hu vun dëser Offer profitéiert?

4

Goufen ausschliesslech Froe gestallt déi just de Froesteller betreffen oder huet de Schäfferot och Froe gestallt kritt déi vun ëffentlechem Interessi sinn?

Nee

Wann jo, wéi eng Fro(en) a wéi gouf drop geäntwert?

/

Wéi ginn an Zukunft Froen vun öffentlechem Interessi dem Gemengerot matgedeelt?

An der Gemengerotssitzung !

Fro 2:

Wéi laang ass geplangt dass de Chantier an der rue Hiel dauert?

Alles hängt vun de Wierderkonditiounen of!

De Schäfferot mécht alles fir esou schnell ewéi méiglech fäerdeg ze sinn.

Wéini ginn eventuell Stécker dovun nees fir d'Awunner vun der Strooss op?

Wann d'Sécherheet fir all Benotzer (Automobilisten, Foussgänger, Velofuerer, ...) et erlaabt.

Vu de Chantier op der Kraizung rue des Romains / rue d'Itzig ab dem 23.10.23 ass, ass dat richteg sou, dass all Awunner aus dem „Eck“ muss bis erof bei d'Apdikte fuere wann e Richtung Stad well?

De Schäfferot mécht alles fir dass d'Leit aus dem „Eck“ och kënnen a Richtung Stad kënnen fueren iwwer d'Itzgerstrooss, rue Jean Schaus, ... !

Iwwregens sinn do och rout Luuchten während dësen Aarbechte virgesinn!

Fro 3:

Am Gemengerot vum 26.09.2023 huet d'Oppositioun vum Schäfte Claude Mousel eng schrëftlech Äntwert ob hir Froe versprach kritt.

Wéini kann d'Oppositioun mat dëse schrëftlechen äntwerte rechnen?

Äntwert: Dir huet dës schrëftlech Äntwerten an der Sitzung vum 26.10.2023 kritt !

De Schäfferot,

